


# OP DE PUNKT.

Dezember 2024

## DE SCHÄFFEROT, EE WICHTEGE GREMIUM AM FONCTIONNEMENT VUN ENGER GEMENG

Mëttwoch Mueren, kuerz no 8 Auer am grousse Sall vun der Gemeng.

Déi Responsabel aus dem Gemengesekretariat Marco Haas a Caroline Pellizzaro hunn de Schäfferot preparéiert. Des Kéier sinn et net manner wie 40 ! Punkten, déi et ze diskutéiere sinn a wou dann och eng Decisioun misst geholl ginn.

Den éischten Deel fält an de Beräich vum Service technique an dofir ass dann och den Haaptresponsabele Marc Silverio mat derbäi. Et geet em Froen a Propositioune vu Renovatiounen, Autorisatiounen a soss Missiounen déi dem Schäfferot virgeluecht goufen an déi op eng Äntwert waarden.

D`Diskussiounskultur, d.h dat géigesäitegt Nolauschteren, d'Ofweien vun der Argumenter bis hin zum Konsens ass elo dat wat zielt. En Exercice dee spannend ass, virun allem awer konstruktiv an am Endeffekt immens wichteg an der Saach well et ass hei am

>>>

## CSV KIELEN WËNSCHT IECH SCHÉI FEIERDEEG

Mir invitéieren Iech häerzlech op eisen

**NEIJOERSCHPATT**

**SONNDES DEN 12. JANUAR 2025 UM 11 AUER AN DER KIELENER BUVETTE**

Nous vous invitons cordialement à notre

**POT DE NOUVEL AN**

**DIMANCHE 12 JANVIER 2025 À 11H00 BUVETTE DE KEHLEN**



*Schéi Feierdeeg*

>>>

Gremium wou d'Fiedem vum Fonctionnement vun der Gemeng zesummelafen an déi dann an den Hänn vum Schäfferot sinn.

Et heescht elo Verantwortung wouer huelen, déi engem vum Wieler zougedroe gouf. Dat ass een éierbaren Exercice dee beileiwen net op déi liicht Schëller ze huelen ass. Mat déi flottste Momenter an esou enger Schäfferotssitzung si sécher déi wa Projete kennen zur Satisfaktioun vu jidderengem ofgeschloss ginn.

Den Auteur vun dëse kuerzen Zeilen ass elo zanter 10 Joer am Schäfferot vun der Kielener Gemeng a ka roueg behaapten, dass all d' Acteure mat deenen hie bis haut do geschafft huet, nëmmen de Wuel vun hirer Gemeng an der Kopp haten. Et muss dëst och d'Viraussetzung si fir sech an der Gemengepolitik z'engagéieren. Et geet definitiv op deem Niveau net drëms fir sech ze verstoppen a laang em de Bräi ze schwätze, mee fir pragmatesch mat den Erausfuerderungen ëmzegoen.

Méi wéi eng Kéier ass e staarke Kaffi néideg fir Diskussiounen ze relancéiere, wann et ëm méi schwiereg Froe geet. Eng Gemeng muss sech den Erausfuerderunge bedéngt duerch de schnelle Bevëlkerungszouwuess an dem säit e puer Joer bestoendem Mentalitéitswiessel a Saachen Energieversuergung an Nohaltegkeet stellen, a brauch dofir gutt Personal a stabil Finanzen. Dat bréngt vill, an heiansdo delikat  Diskussioune mat sech, a rar si mir Mëttwochs virun 12 Auer fäerdeg.

Déi jeeweileg am Konsens erreechte Resultater vun deenen Diskussioun loossen sech da weisen a kënne schlussendlech dem Gemengerot definitiv virgeluecht gi fir d'Ofstëmmung. An dat, kënnt dir, léif Bierger'innen live materliewen; dofir kommt eng Kéier Freides an de Gemengerot luussen. Mir, d'Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot freeën eis!

An deem Sënn, hoffentlech bis geschwënn.

***FELIX EISCHEN***
Buergermeeschter




***Den 9. Februar*** invitéiert #teamkielen op eng Paschtéit mat lokale Produiten. Animatioune fir Kanner.

***Le 9 février,*** #teamkielen organise une Bouchée à la Reine à base de produits locaux. Animations pour enfants.

***RV : 09.02.2025 11:30 AN DER KIELENER BUVETTE (PRÄIS/PRIX: 28€ ADULTE, 14€ ENFANT)***
Reservation : teamkielen@pt.lu ou 621328370 bis/avant 02.02.2025



## DE PÉCKVILLERCHERSLAF

Am Joer 2024 huet d'Sportskommissioun, déi no de Gemengewale vun 2023 nei besat ginn ass, de Péckvillercherslaf erëm op de Leescht geholl.

Esou konnt dann de Sonndeg, 28ten Abrëll 2024 de Buergermeeschter de Startschoss fir den 8ten Péckvillercherslaf ginn. Am Ganzen hunn sech 250 Leefer op di jeeweileg Parcours getraut an déi Bescht hunn dann och esou wéi Traditioun dat wëllt e Péckvillche vum Biwesch Usch iwwerreecht kritt. Ganz houfreg war d'Präsidentin vun der Sportskommissioun dann och fir dem Gewënner bei de Männer dem Luc Scheller, e gebiertegen olmer Jong an och e fréiere Member vun der Sportskommissioun d'Medaill ze iwwerreechen. Seng 39 Minutten an 29 Sekonne sinn awer net duergaang fir d'Beschtzäit, déi am Joer 2013 mat 37 Minutten an 51 Sekonne gelaf ginn ass, ze klappen.

D'Sportskommissioun ass deemno houfreg déi ganz gutt Sportler zu Nouspelt kënnen ze begréissen a freet sech iwwert all Beschtzäit déi opgestallt gëtt.

Et geet der Sportskommissioun allerdéngs awer och drëms de Breedesport fir Jonk an Al ze ënnerstëtzen an ze promouvéiere fir esou de Kanner an och den Erwuessener d'Freed un der Beweegung ze vermëttelen. De Péckvillercherslaf zu Nouspelt kann an dem Sënn deene Kanner an Erwuessener, déi nach net laang Sport maachen, eng flott Plattform bidden fir sech eng éischte Kéier mat Aneren ze moossen. Dofir ginn dann och Kannerleef vu 650 respektiv 1300 m an e Laf vu 5,5 km ugebueden. Um Laf vu 5,5 km haten sech dann och e puer Leefer ugemellt, déi vum Run for Fun Kielen op deen Dag hin optimal virbereet goufe, fir dann eng éischte Kéier eng Course ze lafen. Néi dëst Joer war de Laf mat Hond iwwert Distanz vu 5,5 km.

Dat Ganzt fënnt an enger flotter Ambiance duerch a ronderëm Nouspelt statt an dat geléngt der Sportskommissioun vun der Gemeng Kielen awer nëmme mat der Hëllef vun de Veräiner Dt Nouspelt, Run for Fun Kielen, Fanfare Kielen, Musek Keespelt/Meespelt, Capoeira Kielen an de villen fräiwëllege Streckeposten a Cyclisten, déi bereet sinn deen Dag fir d'Wuel vun alle Leefer'innen ze suergen.

De Rendez-Vous fir 2025 steet a d'Sportskommissioun freet sech Iech de Sonndeg, 28ten Abrëll 2025 als Zuschauer'in oder villäicht als Leefer'in ze begréissen.

***PAULINE VAN WISSEN***
Präsidentin vun der Sportskommissioun








# KIELENER INTEJUEGD

#TeamKielen bréngt de 9. Mee d'Famill a Frënn rëm méi no beieneen an zesummen eraus an d'Natur. Eis Kielener Intejuegd gëtt esou lues zur Traditioun, a mir freeën eis Iech op déi nächst Editioun z'invitéieren.

Fir déi Grouß a fir déi Kleng, déi Jéngst ënner eis an déi Wéist, déi Sportlech a fir déi Bequeem, fir jiddereen ass eppes mat derbäi a bei eis fënnt jidderee sech am Laachen an am Spaß erëm. Am Mëttelpunkt steet den Zesummenhalt bei de selwer gestallte Spiller, nëmmen da kann een als Team gewannen.

Op engem Rollstull-gëeegente Parcours vun +/- 4km iwwerrasche mir iech all Joer mat neie Spiller, déi mir eis ausdenken a selwer aus recyceltem Material bauen. Déi bescht Ekippe ginn natierlech mat coole Kaddoe belount.

Am Zelt faszinéiere mir Iech mat eiser 8*8m Intepist, wou mir all Joer d'Leit ob en Neits an eis Intewelt era verzauberen.

Dëst Joer kënnt dier Iech op e flotte Molconcours a verschiddenen Alterskategorië freeën. Fir mat ze maache brauch dier einfach d'Bild (maximum am Format A4) u follgend Adress ze schécken: Guy Breden, 8, rue Brameschhof, L-8285 Kehlen. All d'Biller ginn den 9. Mee 2025 op eiser Intejuegd ausgestallt an d'Gewënner ginn um 15 Auer bekannt.

All weider Informatioune fann dier um Facebook ënnert Kielener Intejuegd.

Bis den 09. Mäi 2025, wann et heescht: Kielener Intejuegd 2025.






## ZESUMME FIR EIS GEMENG

Äntwert un / Répondre :
CSV-Generalsekretariat: B.P. 826
L-2018 Luxembourg

☐ Ech wëll Member ginn / Je veux devenir membre

Numm ______________________ Virnumm ______________________

Beruff ______________________

Gebuertsdatum ______________________ Nationalitéit ______________________

Adress ______________________

PLZ ______________________ Uertschaft ______________________

E-mail ______________________ Tel ______________________

Den ______ / ______ / 2024

ENGAGÉIER DECH!
MAACH MAT!

kehlen.csv.lu CSV Kehlen